LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service national de la jeunesse

# Synthèse 1er Rendez-vous du Cadre de référence – Jeunesse (24.05.23)




De nationale Cadre de référence fir déi non-formal Bildung, deen 2016 a senger 1. Editioun erauskoum, muss reegelméisseg den Entwécklungen vun der Gesellschaft a vum Secteur ugepasst ginn. Déi nächst Editioun, déi fir Enn 2025 geplangt ass, soll am Austausch mam Secteur ausgeschafft ginn. Aus dësem Grond ginn an de Joren 2023-2025 am Ganze 6 Echangë, ënnert dem Numm "Les Rendez-vous du cadre de référence" (les RDV du CRN) mam Secteur organiséiert. D'Rendez-vous'e gi vum Service national de la Jeunesse an Zesummenaarbecht mat der DG Jeunesse organiséiert.

Um 1. Rendez-vous stoung déi allgemeng Notzung vum CRN vun de Professionnelle aus dem Jugendsecteur am Mëttelpunkt. Konkret goufen d'Notzung vum Cadre de référence, d'Bild vum Jonken an d'Haltung vun de Professionellen diskutéiert. Nieft de Jugendhaiser, waren d'Jugendinfoservicer an d'Formatiounsservicer op der 1. Editioun besonnesch gutt vertrueden.


A verschidde Gruppen goufen dës dräi Thematiken ugeschwat an et koum zu **5 zentrale Conclusiounen**:

Adresse du siège :
33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg

Adresse postale :
L-2926 Luxembourg

Tél :(+352) 247-86465
secretariat@snj.lu

www.snj.lu




- *Haaptadressate vum CRN*

D'Echangë goufe mat verschiddene Vertrieder vu Jugendstrukture gefouert, vu Jugendhaiser iwwer Ubidder vun Animateursformatioune bis zu Jugendservicer. Allgemeng gouf festgestallt, dass de Fokus vum aktuelle CRN virun allem op de Jugendhaiser läit. Déi lescht 10 Joer huet sech awer vill am Jugendsecteur gedoen, wouduerch de Secteur vill méi villfälteg ginn ass. Fir déi nächst Editioun sollt een der Vilfalt vum Jugendberäich Rechnung droen a méi spezifesch op d'Jugendinformatiounsservicer an d'Ubidder vun Animateurformatiounen agoen.

An deem Kader gouf och drop higewisen, dass de Cadre de référence vu Leit, déi op ënnerschiddlechen Ebene schaffen, genotzt gëtt. Jee nodeem wou ee schafft, liest an notzt een de CRN ënnerschiddlech: E Responsabele vun enger Jugendstruktur liest a benotzt de CRN op eng aner Aart a Weis wéi en Éducateur/-trice am Jugendhaus oder en Animateur/-trice oder e Benevole bei senger Aarbecht mat de Jonken. Verschidden Ubidder vun Animateursformatioune soten, si géifen den Niveau vum Text gutt fannen, mee missten d'Inhalter vum CRN opbereeden, fir dëse fir hir Jonker, déi an hirer Fräizäit Kanner- a Jugendgruppe betreien, méi zougänglech ze maachen. An de Jugendhaiser gëtt net esou vill op de CRN zeréckgegraff. Et stellt sech d'Fro, u wien sech de CRN prioritär riicht.

- *Bedeitung vum Jonken an der Gesellschaft a Verweis op de Jugendgesetzestext (loi du 4 juillet 2008 modifiée sur la jeunesse)*

Am grousse Ganze waren sech déi Professionell aus dem Jugendsecteur doriwwer eens, dass et vu grousser Bedeitung ass, dem Jonken a senger Entwécklung zum Erwuessenen eng zentral Plaz am CRN zouzegestoen. Dofir war de Professionelle wichteg, dass d'Kapitel "d'Bild vum Kand/Jonken" bei enger Opbereedung un éischter Stell vum Dokument géif stoe bleiwen. D'Iddi ass opkomm, fir dëst Kapitel ëm déi 10 Objektiver fir d'Jugendpolitik, wéi se am Artikel 1 vum Gesetzestext vum 4. Juli 2008 definéiert ginn, ze ergänzen.

- *Ënnerscheed tëscht Haltung, Roll a Kompetenzen vum Pedagog/vun der Pedagogin*

D'Ufuerderunge vun der Jugendaarbecht un d'PedagogInne sinn immens villschichteg. An der aktueller Editioun vum CRN gëtt tëscht der Haltung an der Roll vum Pedagog/ vun der Pedagogin ënnerscheet. Heiansdo ginn d'Notiounen "Haltung", "Roll", "Aufgaben" a "Kompetenzen" vermëscht. An der nächster Editioun sollten d'Haltung, d'Roll mee awer och d'Kompetenzen, déi Professionellen, dee mat Jonke schafft, muss hunn, méi iwwersiichtlech thematiséiert ginn.

- *Roll vun de Gestionnairen*

Et gouf festgestallt, datt d'Gestionnairen am Text guer net optauchen. D'Erwaardungen, déi d'Gestionnairen, d'Institutiounen oder d'Organisatiounen un hiert Personal riichten, spillen awer och eng wichteg Roll an der Aarbecht vun de PedagogInnen. D'Roll vun de Gestionnairen mat hire spezifesche Wäerter misst och am CRN thematiséiert ginn.

- *Oneenegkeet iwwer Begréfflechkeeten*

Bei den Echangë goufen och Begréffer vum Dokument kontrovers diskutéiert. Bestëmmten Themen oder Inhalter ginn, laut Ausso vun de Participanten, duerch ze vill komplizéierte Wierder erëmginn. Am meeschte gouf sech u komplizéierte Wierder gestéiert, déi zum Deel

net konkret genuch definéiert sinn (z.B. "Bildungsbegleiter") oder ze komplizéiert sinn. Bei enger nächster Editioun sollte liicht verständlech a méi eenheetlech Begrëffer genotzt ginn.

Op der anerer Säit gouf awer och de Wonsch geäussert, dass den Text net u senger Wëssenschaftlechkeet dierft verléieren, well et och als Referenzdokument genotzt géif ginn, fir de Wäert a Notze vu bestëmmte Projeten am Jugendberäich opzeweisen.

De nächste Rendez-vous du Cadre de référence – Jeunesse fënnt Mëttwochs, den 18. Oktober 2023 am Forum Geesseknäppchen statt.

Adresse du siège :
33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg

Adresse postale :
L-2926 Luxembourg

Tél :(+352) 247-86465
secretariat@snj.lu

www.snj.lu